

Wann än dat, wat mer bis elo gesot hun, resumiert, da kann ä soën, datten d'Haaptächter vun der Rëmmerecher Resistänz a Bécken, a Mëllesch an a Schrengesch waren. Och de Jhaumper Seyler an éng Parti vu sénge Jongen hu gutt matgeholf. Da waren och vill äänzelner, déi emol ä Jong éng Zeetchen ënner Daach geholl hun, odder wou d'Fraën an d'Jofferen munches an d'Provisioun vun de Liewesmittel mat beegesteiert hun. Natürlech hun di mäescht Leit sech éischer klug geholl. Si hu wuel nit zum Preiss gehal. Mer kommen nach duerobber zréck, wa mer vun dene koriéise Seete vun der Widerstaundsfrount schwätzen.

Wichtig as vir allem, wat dene jonge Leit os de Joërgäng 1920-1927 geschitt as. Op si as jo eventuell dat Allerschwéiert duerkoum. Si hun déi Prouf bestan, wann et och vleecht di éng odder aner Osnahm gin huet. Mee, do wäess ä jo nit, wat alles derhanner stung, odder wéi laang at esou ä schon Lëtzebuurger war.

An déi zu Rëmmerech gebuer waren, hu nit méi all do gewuunt. Si figurieren duefir och nit an dene Léschte vun den nächste Seeten. Anerer sin no 1920 mat hiren Elteren an d'Duerf koum, z. B. Liber a Meyer, trëdden also an de Léschten op.

Et gët elo e puer äänzel Schicksaler virgeholl. Da verstät ä besser, wat de Gros duurchgemät huet:

Den *Hoffmann Jbéng* os dem Joërgaunk 1922 kéint an den Aarbichtsdingscht an dann an d'Wëhrmacht. An Thüringen kritt en éng kuurz militäresch Osbildung vu véier Wochen a kéint dann a Russlaund an de Partisanenausatz. Dat mat alle Geforen, déi esou éng Situatiou marsechbréngt. Bee 35 Grad Keelt gët et erfruere Féiss. De Jhéng kritt Urlaub, gerët néinker bee éng Ersatztrupp, gët do verwonnt, an et gët also nainker Urlaub. Et as Juni 1944. D'Amerikaner sin um Kontinäent. Zu Bieberech am Arenshos féint de Jhéng éng Stopp. Séng Mamm suert fir Fleg a Kascht. A wi et zu Bieberech brenzelech gët, kéint de Jhéng doheem ënner.

Dien 1. Februar 1945 as hie bee der Hëllefshendarmerie, trëtt an eis Arméi aun a gët duerno Chauffeur bee der Eisebunn. *See Brudder Gierg*, Joërgaunk 1924, gerët no Tambow, kéint den Hierscht 1945 erëm häm a stierft jounk.

*De Schrénger Pol*: Joërgaunk 1926: De Papp hate se beem Streik no Hinzert geschläeft; de Kamill as desertiert, sëtzt an der Belsch verstoppt. Si sin zu sechs, siwe Kanner. D'Kreisleitung drät an éngem Bréif: Wann de Pol nit an d'Wëhrmacht kéim, misste se allerguerten an d'Émsidlong.

De Pol léisst sech aunzéien, gät an den RAD, gerët och an d'Wëhrmacht, un d'Front, gët vun de Russe gefaang an erlieft Tambow mat denen onméinschlechen Zoustänn. Eléischt de 5. Novämber 1945 kéint en häm. En hat vir éngem Mount grad 19 Joër kritt.

Ei mer elo di äänzel Joërgäng de Léschten no kuurz duurchhuelen, schingt et nätzlech, di bekaunsten Zaechen z'erklären:

A. an ARD as Aarbichtsdingscht –  
W. as Wehrmacht – R. as Refraktär –  
Kh. as Krichshëllefswierk –

n. wëllt soën, datt neescht am Dossier vun der Geméng vermerkt as. Wann déi betreffend och vleecht fort waren, dann hu se duerno neescht gemelt. Fir méi Genäes z'erfuieren, misst ä schon an Deetschlaund an déi betreffend Dossierë eragesinn.

1920:

*Hoffmann Pir*, gët agezunn, läeft an de Maquis, kéint den 22. 3. 1945 häm.

*Husting Marcel*, neescht vermerkt.

*Kill Rosalie*, A., kéint den 31. 10. 1943 erëm.

*Schrenger Margrët*, war Léierein, schafft mat der Resistänz.

*Wolter Katrin*, war schon bestuet, bleibt free.

1921:

*Schaus Nik*, neescht vermerkt.

*Schmit Theodor*, A. a W.

1922:

*Hoffmann Jbéng*, A. W., gët Refraktär.

*Lallemand Marie-Ujheni*, neescht vermerkt.

*Schmit Sophie*, neescht vermerkt.

*Schmit Théodor*, A. a W., kéint de 26. 6. 1945 erëm.

*Schrenger Anne*, neescht vermerkt, war nit fort, d'Mamm grad †.

*Seyler Emile*, vermésst seet dem 6. 9. 1943.

*Wolter Pir*, A. a W., kéint erëm de 25. 8. 1945.

1923:

*Hollerech Marcel*, neescht vermerkt.

*Schrenger Kamill*, A. a W., Refraktär, d'éischt zu Iewerléng, dun hei vir an der Belsch verstoppt, kéint de 25. 9. 1944 häm.



*Emile Seyler*  
1922-1943 (vermésst)

1924:

*Hoffmann Gierg*, A. a W., geréit bis Tambow, kéint de 5. 11. 1945 häm, stierft jounk.

*Schaus Ujbeni*, neescht vermierkt, hat sech zu Märel bei Donven dingschtverflichte gelooss.

*Seyler Martin*, A. a W., kéint erëm den 10. 9. 1944, huet ä Bä verluer.

*Spielmann René*, A. a W., gët Refraktär, as free den 10. 9. 1944.

*Schmit Katrin*, neescht vermierkt.

*Wolter Simone*, A.

1925:

*Lucas Marie*, neescht vermierkt.

*Schrenger Helen*, neescht vermierkt, war am Zitaklouschter.

*Meyer Katrin*, neescht vermierkt, war nit fort, hat sech dingschtverflichte gelooss, bei Wester.

*Seyler Josephine*, neescht vermierkt.

1926:

*Lallemang Germaine*, neescht vermierkt, war nit fort.

*Schaus Marie*, neescht vermierkt, war nit fort.



*Hoffmann Georges*  
(*Tambower*)  
1924-1976

*Schrenger Pol*, A. a W., geréit no Tambow, kéint de 5. 11. 1945 erëm.

*Seyler Anna*, neescht vermierkt, war nit fort.

*Theisen Rosa*, neescht vermierkt, war nit fort.

1927:

*Hollerich Theod.*, neescht vermierkt.

*Ruppert Irène*, neescht vermierkt.

*Seyler Felix*, hat de ‚Stellongsbefehl‘ de 4. Juni 1944 krit. As nit gaang, huet sech vum Septëmber un mat Becke Jhang nätzlech gemät, fir d’Duerf ze bewaachen.

*Seyler Margrëit*, neescht vermierkt.

*Spielmann Helen*, Kh., war nit gaang.

Déi Joërgäng hun än Haaptbestaunddäl vum Duerf osgemät; wëll et waren di staark Gebuurtstrate vu nom éischte Wäelkriech. Jidder äenzelen, dien eppes matgemät huet an der Friemt, odder die sech verstoppt hat a mat der Resistänz gehalen huet, kéint iwver séng Erleifnësser ä Roman schreiben. Dovun stät jo schons e wéineg am Buch ‚Paul und Zorro‘. Am Krichroman ‚Auf der Galeere‘ kommen ech duerobber zrëck a weisen, wéi di mäescht Leit an dien Drama ausgespaant waren. Elei huet et missen duergouën, fir unzedeiten, wat dat am Land kount osmaën.

Hei kéim ech nach gär op en etlech Drollechkäten vum dem Resistänzgeschéien zrëck. Wéi huet dat sech an esou engem Duerf afgespiilt?

Do gouf et der jo e puer, denen än nit getraut huet, wéinst dene Spréch, déi se am éischte gedou haten. Émmerhi gët ugeholl, datte se kën os dem Duerf ugeschmiert hun. Si woussten iwer déi Beschäd, déi widerstan hun. Si wussten och, wou d'Refraktäre verstoppt waren. Wat a Mëllesch vir sech gung, kount den Duerfeit nit verbuerge bleiwen. An dach as neescht weidagesot gin.

A wat nach méi opfälleg as: An énger Famill, déi nach nit laang am Duerf war, hat ä Jong sech freewëlleg an d'SS gemelt. A grad dien huet os Hollaund zwéi Revolvere matbruecht a se de Refraktären iwwerginn. Et waren Arméirevolveren.

Och mat der gieler Uniform war et fir ze laachen: Fir dien Dauler Ortsgruppelleiter roueg ze halen, hu missen zwou giel Uniformen am Duerf ënnerkommen. Dat war de Minimum. Déi Uniformen hun dann dacks als Mëttel gedingt, fir sech än Alibi zu aneren Aktiounen ze verschafen.

Wi zum Beispiel Becke Jhang méi als Resistänzler soupçonniert gouf, huet hien éng vun denen zwou Uniformen an d'Hos gehol. Och déi a Becke verstoppte Refraktären hu se alt ugedoun, sin an de Bëschwee dra spadséiere gaang an hu sech vun de Grousbousser Jhendaarmen uschlouë gelooss, wi wa si wirklech eppes an der Partei ze soën hätten.

Wi ä bekaunten Haundwerksmaun fir éng Zeetchen ä Refraktär bee sech opgeholl huet, krouch hien och éng vun denen zwou Uniforme mat geléint, fir datt de Soupçon nit esou licht op hie soult falen.

A wuefir hat hie an éngem kriddelege Momaënt die Refraktär missen ophuelen? Äe vun de Jongen, déi a Becken ënnerkoum waren, hat éng Freierei mat éngem Meedchen os dem Duerf ugefaang. Dat Hos lueg en 200 Meter vu Becken ewech. De Jong as nit virsichtig bliwen. De Papp vum Meedche war es och nit d'accord. An de Becke Jhämp huet gewosst, datt neescht méi geféierlech wir, wi os énger Stopp eros éng Freierei ufainken. Dat war de Ground, fir de Jong éng Zeet ze verleën.

Äen anert Hos mat ville Kanner hat sech opgedäelt: de Papp an di mäescht Jongen waren an der aktiver Resistänz, zwéin aner waren iewer 'giel'. Just vun de Resistänzler huet än alt die giel Uniform ugedou an huet beem Noper der mat an der Mëschtrekoll gestan a Mësch gelueden. Dat war jo iewer de Spott mat der Uniform gemät a wier schwéier gestrooft gin, wann et un än Amtsdréier koom wier. Die Jong huet iewer gelaacht a gesot: „Et as esou ä gудde Stoff; et kritt än e bal nit zrass.“

D'Duerf war also äens ënner sech. An esou laang wi neescht un den Ortsgruppeläder odder un d'Gestapo koom as, war alles fir di Rëmmerecher mat éngem gewëssen Humor ënginn. Jidderän huet séng Aart a Weis gelieft. Et huet kën dien aner verrodnen; si hu sech esouguer geféierlech Dingschter geläescht. Déinke mer nëmmen un d'Affär vun de Revolveren!

## D'Enn vum Krich: Septämber 1944 - Februar 1945

Elei follegen ech dem Rapport vum Felix Seyler, dien déi Zeet materlieft huet.

Saamschdes, dien 9. Septämber 1944: Zu Rëmmerech geseet än am südwestlechen Himmel Liichtkugelen opgouën. Et häescht, d'Amis wieren zu Useldéng.

Dat as nach schwéier ze gläwen. Wëll dieselwechten Owend leiën beem Schmatt (Pierre Schaus) a bee Schosse Viktor nach preisesch Zaldoten. Géint ning Auer owes rennen déi dann op éinker Hauls iwwer Kapp fort.

Etlech hate wëlles gehat, sech zu Rëmmerech ze verdrécken, sech ze verstoppen; ma, et as en op ämol ze séier gaang. Et as kéng Geleenhät a kéng Zeet méi duefir koom. An der Hatz hu se esouguer ä Kamion, dien an der Schmëtt soult reparéiert gin, am Stach gelooss.

Zu Useldéng wieren dun en etlech Preisen den Amis an d'Gräpp gelaf. Dien aneren Dag hätt än do kënnen am Vreensschapp véier, fënnel Doudeger leie gesinn.

Mueres, den 10. Septämber, néinker géint 9 Auer, waren erëm Preisen am Daul. Si haten esouguer éng Kanoun op der Haaptstrooss opgeriicht, hun iewer geschwënn drop alles ewechgeholl. Et huet gehäescht, d'Amis kommen vu Rippwëller eraf, mat Panzer u Panzer, fir iwwer d'Sëller Strooss weider ze fueren. Et mussen der iewer och soss gewiescht sin. Wëll mer wësse vun der Joffer Mangel, datt bee der Dauler Kirech schon Amerikaner huelen, wi d'Leit sonndes, dien 10. Septämber, an d'Fréimass koumen.

Op déi Noriicht vu Rippwëller hin - mer wëssen och, datt d'Amerikaner schon samedes, dien 9. Septämber 1944, owes um siwen Auer zu Närke passéiert sin - sin di Rëmmerecher, déi gutt zu Fouss waren, bis op d'Rippwëller Strooss gelaf. Et war esou. Et waren d'Alliéiert, déi do koom sin. Op dem éngen odder aner Won stung, Vive Charlotte'.

Wi di éng Amerikaner bee der Dauler Kirech, déi aner der op der Sëller Strooss gesinn haten, hu se gemaint, elo wiere se erëm free Leit. Ma, esou einfach soult dat dach nit gouën.